

net fir d'lescht, dat ass richtig! Mee ech sinn awer schockéiert iwwert dat, wat Der hei zum Beschte gitt. Mir hunn e Land mat enger grousser internationaler Communautéit an do ass zu engem groussen Deel och international Communautéit derbäi, déi natierlech esou Schoule wéi déi do brauchen. A mir brauchen déi Leit, an do brauche mer och déi Schoulen, an duerfir sinn ech frou, datt mer dat haut decidéieren.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Bausch. An dann ass d'Wuert fir den Här Marc Goergen. Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Deen heite Projet kéint jo scho vun 2017, ier mir am héijen Haus waren. Mir hunn och haut ..., mir hunn zwar elo déi dräi Bezierker ofgedeckt, awer dee véierten nach net, soudass en Ostdeputéierter kéint schwätzen, soudass ech dat iwwerhuelen.

Ech muss awer soen, an deemem Projet huet mer immens gutt gefall ...

(*Interruption par M. Gilles Baum*)

O, Här Baum, mir kréien dat och nach hin.

(*Interruption par M. Gilles Baum*)

Fir d'éischt ... Gären, also gäre setze mer och aner Kandidaten op. Anert Thema.

(*Interruptions et hilarité*)

Nee. Elo hutt Der mech ... Ech mengen, Dir sidd an deene fënnef Joer deen éischten, dee mech elo vum Fuedem ofbruecht huet.

Ech wollt just soen: An der Kommissioun huet mer ganz gutt gefall, wéi d'Erklärunge koumen zum Projet, dass hei un immens vill Ëmweltfrëndlechkeet hei geduecht ginn ass. Et erkennt een, dass e grénge Fuedem dra war – mee ech hoffen och, dass och déi nächst Projeten esou wäerte sinn –, soudass de Projet eis ganz gutt gefall huet.

Zu der Fro Europaschoul oder net: Bon, d'Madamm Backes kann eis déi Froen net beäntweren, et ass och net hiren Dossier. Dat ass eppes, wat mer herno müssen eng Kéier mam Educatiounsministère diskutéieren. Dat kënne mer gäre maachen. Mir sinn och der Meenung, dass d'Europaschoule muss méi integréiert ginn, dass d'Konzept e bësse muss ugepasst ginn. Mee dat ass haut net dat, wouriwwer eigentlech ofgestëmmt gëtt. Haut gëtt emol iwwert d'Mauer ofgestëmmt, nenne mer et esou. Wat herno den Här Meisch drasetzt, dat kënne mir natierlech an der Chamber nach diskutéiere bis dohinner. Fir d'éischt baut d'Madamm Backes et elo mol.

An do wäert Der eis Zoustëmmung kréien. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Goergen. An dee leschten ageschriwwene Riedner ass den Här David Wagner. Här Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Mir wäerten dee Projet de loi och matstëmmen. Et ass natierlech gesot ginn: „Mir stëmmen d'Mauern“, mee mir stëmmen awer och e bëssen de Projet. A selbstverständlech kënne mer hei keng Diskussioun féieren iwwert d'Pedagogik, dat ass och net de Resort vun der Madamm Backes.

A jo, natierlech wier et besser – mir sinn och där Meenung –, wann déi regulär Schoul hei zu Lëtzebuerg sech géif un all déi verschidden Zenarien adaptéieren, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, an engem Land, wou immens vill Kanner vun doheem aus zum Beispill kee Lëtzebuergesch schwätzen a Schwierigkeiten hu mat der Aart a Weis, wéi déi regulär Schoul organisiert ass.

Ech weess, vu wat ech schwätzen, ech war selwer beträff, mee et huet sech leider nach net viles geännert. Dat heescht, elo fuere mer iwwert international europäesch Schoulen. Et wär besser, et wier alles integréiert. Et ass zurzäit net de Fall. Dofir muss een awer och trotzdeem deem Rechnung droen, wat an der Lëtzeburger Gesellschaft Realitéit ass. An dofir wäerte mer dat och matstëmmen.

Mir dierfen net vergiessen, ech mengen, et sinn ..., 1.200 Schüler komme souwiesou och nach alljoers bäi zu Lëtzebuerg, wat ongeféier engem Lycée entsprécht. Ech mengen, déi heite Regierung huet och nach wëlles, dräi weider Lycéeën ze bauen. Mir mieren, datt d'Land wiest. D'Land gëtt och vläicht deelweis méi dynamesch an d'Land brauch méi Infrastrukturen. D'Land brauch méi ëffentlech Services, déi vu gudder Qualitéit sinn an déi jidderengem zuggutkommen. An dofir – mee doriwwer kënne mer nächste Mount diskutéieren – wier keng Regierung gutt beroden, fir manner Depensen ze hunn an ëffentlechen Déngscht respektiv manner Recetten, well dat Ganzt, dat kascht jo, mee dat kënnt duerno der ganzer Gesellschaft zegutt.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner. Domat ass d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

Dann huet d'Regierung d'Wuert. Madamm Minister.

Prise de position du Gouvernement

Mme Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, och vu mir aus der Madamm Cahen e grouse Merci fir hiren exzellente mëndlechen – ganz konzis, prezis – an och schrëftleche Rapport.

Am Koalitionsaccord steet, dass d'schoulesch Ariichtungen der Diversitéit vu Lëtzebuerg a vun der Lëtzeburger Populatioun dann och solle Rechnung droen. Ech fannen, d'Diversitéit ass en Atout. An deem gëtt hei an deem, wat mer haut maachen, mat zwou Schoulen, déi um Ordre du jour stinn, och Rechnung gedroen. An deem Kontext muss een och soen, datt an de leschte Joren déi ëffentlech schoulesch Offeren ëmmer méi divers gi sinn, an dat ass och eng gutt Saach. Dat entsprécht de Besoine vun eisem Land.

Wéi am Koalitionsaccord and virgesinn ass, sollen dofir souwuel déi klassesch Schoule wéi och déi international Schoule weider ausgebaut ginn. Am Koalitionsaccord steet och, dass d'Capacitéite solle weider ausgebaut ginn. Bon, ech mengen, eng modern Educatioun brauch natierlech och modern Infrastrukturen, déi et den Enseignanten an de Schüler erlaben, mat de neitsten Outilen a Léiermethoden ze schaffen.

Bon, déi zwéi Projeten, déi haut um Ordre du jour sti vun der Chamber, si vu mengem Virgänger op den Instanzeweis bruecht ginn an ech soen dem Fränz Bausch e grouse Merci derfir. Ech mengen, et ass och scho gesot ginn: Mir hunn e grouse Bevölkerungswuesstem zu Lëtzebuerg an do müssen d'ëffentlech Strukturen och mathalen, an zu deene gehéieren natierlech och eis Schoulen.

Et muss een och soen – ech mengen, dat wësse mer och allegueren –: Mir hunn eng Kris am Bausector, dat heescht, och mat esou grouse Projekte kënne mer hei hëllefen. An dofir ass et och gutt, wa mer déi grouss Projeten hei esou séier wéi méiglech kennen op d'Schinn bréngen.

D'Rapportrice huet och gesot, dass hei bei deenen zwéi Projeten, déi haut um Ordre du jour stinn, ganz

grouse Wäert drop geluecht ginn ass, dass den Energieverbrauch esou niddereg wéi méiglech ass. Dat heescht Durabilitéit, Circularitéit: Do gëtt och ganz grouse Wäert drop geluecht.

Ech soen der Chamber fir dësen éischte Projet dann – d'Europaschoul zu Jonglënster – e ganz grouse Merci, éischens fir déi gutt Zesummenaarbecht an zweetens fir déi breet Ënnerstützung. Villmools merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Minister. An domat wär d'Diskussioun dann ofgeschloss.

Mir géifen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8262 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8262.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8262 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreicht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 55 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm bei 5 Abstentiounen. De Projet de loi ass also mat 55 Jo-Stëmmen bei 5 Enthaltungen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann (par M. Gusty Graas), Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par Mme Taina Bofferding), Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic (par M. François Bausch), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Jeff Engelen) et M. Tom Weidig.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Dann ass dat esou decidéiert.

5. 8332 – Projet de loi relative à de nouvelles constructions pour le lycée de Bonnevoie

Ier mer iwwer eng Rei Motiounen ofstëmmen, hu mir nach e leschte Projet, de Projet de loi 8332 iwwert d'ëffentlech Finanzéierung vun neie Constructiounen fir de Lycée de Bouneweg. D'Riedezäit ass hei och nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedelt: D'Rapportrice huet zéng Minutten, all Fragiounen a Sensibilitäten hu fënnef Minutten, d'Regierung huet zéng Minutten. Et si schonn ageschriwwen: den Här Marc Lies,

d'Madamm Francine Closener, den Här Jeff Engelen, den Här François Bausch an den Här Marc Goergen. An d'Wuert huet d'Rapportrice vum Projet de loi, d'Madamm Corinne Cahen. Madamm Cahen.

Une voix | Très bien!

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

Mme Corinne Cahen (DP), rapportrice | Villmools merci, Här President. Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, bei dësem Finanzéierungsgesetz 8332 geet et, wéi de President grad gesot huet, ëm en neit Gebai – e fuschneit Gebai – fir den LTB, wéi en elo nach heescht, de Lycée technique de Bonnevoie. Ech kommen op den Numm natierlech nach eng Kéier e bësse méi spéit zeréck.

Dee Lycée zu Bouneweg gëtt et zanter 1989. E war ugangs geplangt fir 1.000 Schüler. Allerdéngs gouf dës Zuel ganz séier iwwerschratt, net zulescht weinst der ganz breeder schoulescher Offer, déi do ugebuede gëtt.

D'Gesetz vum 3. Juni 1994 iwwert de Régime préparatoire huet mat sech bruecht, dass d'Gebai ganz séier ze kleng war. Bis 2015 goufen aacht provisoresch Strukturen bäigebaut, fir d'Unzuel u Klasse kënnen eropzesetzen. All Annexsäll, wéi zum Beispill d'Bibliothéik, d'Produktiounskichen, de Schoulrestaurant oder och nach d'Sportsinfrastrukturen, déi konnten net vergréissert ginn. Am Moment ginn déi meeschte Schüler am LTB also a provisoresche Strukturen beschoult. D'Infrastrukture si scho laang vill ze kleng an dofir solle mer haut iwwert dëst neit Gesetz ofstëmmen.

Déi nei Constructioun vum Lycée Bouneweg gëtt op 3,8 Hektar gebaut. 2.150 Schüler wäerte kënnen an deen neie Lycée goen. Aktuell ginn 1.500 Schüler an dee Lycée, dee, wéi gesot, fir 1.000 Schüler gebaut gouf. Si wäerte vun enger ganz breeder Schouloffer kënnen profitéieren, virun allem am Beräich vun der Formation professionnelle.

Fir déi ënnescht Klasse si 6 Eenheete virgesinn, mat am Ganzen 30 Klassesäll, awer och Räum, fir ze léieren a fir emol eent oder méi Kanner separat ze beschoulen. Well déi accessoire Infrastruktur esou wichteg ass, kommen nach 11 Säll derbäi, wéi zum Beispill en Informatikssall, 2 Säll fir Sciences naturelles, 3 Konschtsäll, 2 Ateliere fir Kichen oder Konscht, 2 Ateliere, wou mat Holz a Metall ka geschafft ginn, awer och Mecanique, zum Beispill. A last but not least, wäert et och nach e Raum gi mat Uewe fir Keramik an Email.

Wat déi iewescht Klasse betrëfft, do si 25 Klassesäll virgesinn, e Virbereedungslokal, e Büro an Depoten. Do gëtt et da 6 Spezialsäll, notament fir d'Informatik, 3 Laboen an eng Salle polyvalente fir d'Chimie.

Fir d'Formation professionnelle si 5 verschidde Beräicher virgesinn, déi deels extrem spezialiséiert sinn, well een natierlech ënner reelle Konditiounen säin zukünftege Beruff muss kënnen léieren. Bei de 5 verschiddene Beräicher handelt et sech ëm: Technologien, Elektro/Metall, Informatik, Auxiliaires de vie an Alimentatioun, wou dann zum Beispill eng professionell Kiche wäert installéiert ginn.

Et kommen ënner anerem grouss Laboen, en Total vun 93 Klassesäll, plus 61 Salles spéciales, Ateliere an eebe Laboen. Do derbäi kommen e Restaurant, dee mat der Salle polyvalente ka kombinéiert ginn, an an deem Restaurant ass dann dee Moment Plaz fir 600 Leit.

Här President, Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, erlaabt mer, hei op mäi schrëftleche Rapport ze verweise fir

all d'Detailer, wat déi 5 Beräicher vun der Formation professionnelle ugeet. Dat ass alles schonn extrem spezifesch an net an 10 Minuten alles opzezielen.

Natierlech gëtt et och en administrative Beräich mat 12 Büroen a Reuniounssäll gradewéi Räum fir d'Enseignanten a fir d'Services scolaires et médicaux. Do sinn ënner anerem 19 Büroe geplangt.

Wat d'Structures d'accueil ubelaangt, sinn ënner anerem eng Bibliothéik, e Makerspace, e Museksatelier, e Raum fir Musek opzehuelen, e Schülertreff, eng Salle polyvalente mat enger Bün, en Atrium, e Restaurant mat 600 Plaze, wéi ech elo grad scho gesot hunn, eng Produktiounskichen, eng Loge fir de Concierge an e Garage fir Gefierer geplangt.

Last but not least géif ech och nach gär op déi nei Sportshal hiweisen an op déi nei Schwämm. Et ass och eng Sportsinfrastruktur bausse virgesinn.

Et si just 60 Parkplaze geplangt. Den Tram ass op 300 Meter. Do derbäi kommen awer nach 156 Vëlospazen. De ganze Site selwer ass autofräi.

Et gëtt grouss Wäert geluecht op d'Circularitéit an op eng niddereg Energieconsommation. Den Atelierstrakt ass gréisstendeels am Holz gebaut. All d'Elementer sinn demontabel a kënnen nees gebraucht ginn.

Et ass eng Bauzäit virgesi vu 5 Joer. De Käschtepunkt läit bei 303.332.000 Euro. Dës Montant entsprécht dem Indice semestriel des prix de la consommation vum 1. Abrëll 2023. Déi Ausgabe gi mat Kreditter aus dem Fonds d'investissements publics scolaires bezuelt.

De viregte Minister François Bausch huet dës Projet de 26. Januar 2023 (veuillez lire: den 20. Oktober 2023) deposéiert. De Staatsrot huet a sengem Avis vum 22. Dezember just gefrot, den Terme „technique“ aus „Lycée technique de Bonnevoie“ erauszehuelen, well et déi Bezeichnung esou net méi gëtt. De Lycée heescht deemno dann elo „Lycée Bouneweg“.

Fir weider Detailer zum Gesetzesprojet 8332 verweisen ech, wéi gesot, dann och op mäi schrëftleche Rapport.

Här President, ech géif awer och gären eng Kéier kuerz d'Kap da vum Rapport ausdoen, wann Der mer erlaabt, fir nach vläicht e puer méi perséinlech Saachen ze soen, och am Numm vun der Demokratescher Partei.

Discussion générale

D'Ministesch huet grad beim viregte Projet gesot, dass Diversitéit en Atout ass. Ech kann Iech soen, dass de Lycée vu Bouneweg en Diversitéitslycée ass. An ech géif och wëlle soen, dass de Lycée vu Bouneweg eng Chance ass fir déi Schüler, déi do an d'Schoul ginn. Dat hunn ech gesinn, net zulescht, wéi ech op Diplomiwwerreechunge war, wou Premiéresdiplomier iwwerrecht gi sinn. An deem Lycée kréie Kanner eng Chance, déi soss néierens méi eng Chance kréien.

An ech mengen, dass deen Invest hei en enorm guden Invest an d'Zukunft ass. An ech bleiwen der Meinung, dass mer verschidde Schoule fir verschidde Schüler brauchen, well mer net alleguer d'selwecht sinn. Mir sinn allegueren aneschtens. Mir hunn eng Populatioun, wou bal 50 % net déi Lëtzebuerger Nationalitéit hunn. Do schwätze vill Kanner eng aner Sprooch doheem. An d'Sproochen dierfen net eng Barriär sinn, fir zu engem Diplom ze kommen, mee si mussen eng Chance sinn, fir zu engem Diplom ze kommen. Ech wollt dat awer nach eng Kéier soen.

An ech mengen, dee Lycée vu Bouneweg ass e ganz gutt Exempel, wéi ee Kanner ka beschoulen, fir

hinne eng zweet Chance ze ginn oder souguer eng drëtt oder eng véiert Chance. An ech wier wierklech frou, wa mer ons hei géife breet eens ginn, fir dës Projet kënnen ze stëmmen, well dat wierklech e ganz, ganz formidable Projet ass!

Villmools merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci Madamm Cahen fir Äre schrëftlechen a mündlechen Rapport. An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Lies. Här Lies, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Lies (CSV) | Merci, Här President, fir d'Wuert. Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, virop wéilt ech der Rapportrice, der Madamm Cahen, Merci soe fir dësen ausféierlechen Rapport iwwert de Lycée technique de Bonnevoie, deen, wéi och d'Rapportrice gesot huet, zanter enger Woch elo offiziell Bouneweg Lycée Luxembourg heescht. Well, wéi scho gesot, eeben dës Lycée huet missen ëmgedeelt ginn, vu datt den „technique“ aus dem Numm erausgeholl ginn ass, duerfir ass et ab elo net méi LTB, mee BLL.

Wéi d'Rapportrice gesot huet, ass et e Projet, deen eng gewëssen Drénglechkeet mat sech bréngt, e Projet, natierlech, deen och opgrond vu senger Envergure natierlech och e gewëssene Käschtepunkt mat sech bréngt vu knapps iwwer 300 Milliounen, wat wierklech vill fir ee Lycée ass, wou an der Zäit ëmmer gesot ginn ass: „Ëm 100 Milliounen oder 120 Milliounen kascht ee Lycée.“ Ma ech mengen, dat hei ass dat Dräifacht.

Do beweisen awer och ganz kloer d'Zuelen, datt eeben déi Drénglechkeet do ass: e Lycée, deen 1989 gebaut ginn ass, bis 2015 am Ganzen aachtmol iwwer Constructiounsphase mat Provisorien ausgebaut ginn ass. Dat heescht, datt d'Majoritéit vun de Schüler iwwert déi lescht Joren a Provisorien ënnerriicht ginn ass. An do ass vläicht och eng Zuel, déi ee vläicht eng Kéier misst ervirhiewen: Am Schouljoer 2015/2016 ware knapps iwwer 2.000 Schüler am LTB, enger Schoul, engem Lycée, deen dee Moment fir knapps 1000 Schüler ausgeriicht war. Bien sûr sinn effektiv eng aacht Provisorie bäigebaut ginn.

Wéi d'Rapportrice och gesot huet: Op iwwer 3,8 Hektar sollen an Zukunft eng 2.150 Schüler an dëser neier Schoul dann enseignéiert ginn, besonnesch an der Berufsausbildung natierlech, déi dann do wäert praktizéiert ginn. Fir eng adequat Berufsausbildung brauch een och adequat Infrastrukturen an dofir ass et wichteg, datt dës Lycée schnellstméiglech gebaut gëtt.

D'Rapportrice huet och vun der Drénglechkeet geschwat an ech mengen, et ass drénglech, datt dës Lycée gebaut gëtt. En huet awer eng gewësse Virgeschicht. De Lycée kéint eigentlech scho fäerdeg sinn, wann net scho viru Joren. An do ass effektiv am Joer 2012 an enger Reunioun ënnert de Bâtiments publics iwwer e PPP, Public-private-Partnership ... Ech kucken de François Bausch. Hie ka sech och nach dorun erënneren, datt dann dee Moment iwwer e PPP diskutéiert ginn ass, deen 2013 dunn och an der Regierungsrat gaangen ass. 2015 war dunn de Kick-off fir de Projet PPP, am Februar 2016 d'Publikatioun fir de Marché public, fir den éischte Consultant ze fannen, deen dann Ernst & Young ginn ass. Am Januar 2017 war den éischten Appel public à la concurrence iwwer en Avis de marché public européen, fir e private Partner ze fannen, fir dës Lycée da kënnen ze bedriewen. An et ass dunn awer am November 2018 festgestallt ginn, datt dës PPP net opportun wär, an duerfir ass dann dee Moment dës Projet zréckgezu ginn.

Ben, fir zrëckzekommen op de Projet respektiv op de Site selwer: Et ass e Lycée, dee ganz accessibel ass. Ech mengen, et ass net laang hier, datt de Pôle d'échange zu Bouneweg LTB mat dem Tram ageweit ginn ass. Den Tram wäert och bis Juli nach virucirculéiere bis op de Pôle d'échange Stade de Luxembourg, esou datt dann dee Moment eng exzellent Accessibilitéit do assuréiert ass. Et soll effektiv e Lycée sinn, wou keen Duerchgangsverkéier ass. Dat heescht, datt natierlech, besonnesch op den ëffentlechen Transport do gebaut soll ginn.

Et ass e Lycée, e Gebai, dat no nohaltege Krittären, no engem nohaltegen Energiekonzept och wäert ëmgësat ginn. E bësschen ze bedauern ass als Randgemeng Hesper, ... do ass nämlech eng Cogeneratioun direkt niewendrun, déi och hätt kënnen un dëse Lycée ugeschloss ginn, vu datt och dëst BHKW (ndlr: Blockheizkraftwerk) am Moment amgaang ass, op Holzpellets ëmgësbaut ze ginn.

An ech mengen, op déi ganz Fonctiounen – dat huet d'Rapportrice gesot – ginn ech elo net méi weider an. Vlächcht zwee Wuert nach iwwert d'Sportsinfrastrukturen, wou eng Sportshal an och eng Schwämm gebaut ginn. Och d'Nopeschgemeng vun Hesper huet à maintes reprises gefrot, dat am Joer 2008, 2009, 2015, ob, wann an Zukunft déi Schwämm bis gebaut ass, eventuell och d'Nopeschgemeng mat engem Deel vun hire Kanner kéint vun dëser Schwämm profitéieren. Duerfir, Madamm Minister, huet dat einfach emol mat virun a wann d'Méiglechkeet besteet, dann ass d'Gemeng Hesper ganz gär Demandeur, fir och do mat verschiddene Schouלקlassen dohinner ze goen.

Zum Schluss wéilt ech Merci soen, virop dem viregte Minister, dem François Bausch, deen de 26. Januar 2023 (veuillez lire: den 20. Oktober 2023) nach dëse Projet dann dee Moment op den Instanzewee bruecht huet. Och dëser Ministesch, där neier Ministesch, der Madamm, merci fir hiert Engagement, ...

(Brouhaha)

... fir dëse Projet virunzedreiwen, awer och e grouse Merci u Bâtiments publics, déi dëse Projet entaméiert hunn, an zum Schluss, last but not least, allegueren deene Verantwortlechem aus dem LTB. Merci besonnesch dem Georges Beck, dee während Jore vill Stonnen un dësem Projet geschafft huet, fir e virunzedreiwen. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Lies. Da geet d'Wuert un d'Madamm Francine Closener.

Mme Francine Closener (LSAP) | Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, meng Virriedner, besonnesch den Här Lies, hunn elo schonn drop higewisen, wéi laang déi Ëm- an Ausbaaarbechte gedauert hunn, wat dat fir eng laang Geschicht huet. Elo gëllt et awer, mengen ech, no vir ze kucken an déi néideg Moyenen zu Bouneweg endlech zur Verfügung ze stellen, fir de Projet séier virunzedreiwen, well et ass net vu Muttwëll, dass dann do endlech elo ausgebaut gëtt an anstänneg Bildungsinfrastrukture fir eis Jugendlech geschaf ginn.

Här President, eis Schoule sollen, musse méi sinn, wéi just eng Léierplaz. Dat si Plazen, wou Kanner a Jugendlecher e wichtege Deel vun hirem Liewe verbréngen, an duerfir sollten déi schoulesch Raimlechkeeten och déi perséinlech Entwécklung vun eise Kanner a Jugendleche féerden an och dat soziala Matenee stäerken. Haut weess een nämlech, dass d'Gestaltung vu Léierraim kann entscheidend derzou bäidroen, datt d'Léieren e Stéck besser ka geléngen, doduerjer datt een eebe raimlech Viraussetzunge

schaaft, déi déi pedagogesch Virgoensweis ënnerstëtzen a vereinfachen. Déi sechs Clusteren, zum Beispill, fir déi ënnescht Klasse maachen eng diversifizéiert a moduléierbar Raumgestaltung méiglech, fir eebe gläichzäiteg autonom souwéi och kollektiv Aarbechten ze maachen. Mir begrëssen, datt déi lescht Regierung mat dësem Projet e Modell fir déi zukünfteg Schoul entwéckelt huet, ganz am Geescht vun enger moderner Schouלקonzeptioun.

Här President, d'Transitioun vun dem Fundamental eriwuer an de Secondaire, dat ass e ganz grouse Sprong fir eis Kanner, duerfir ass et och wichtege, drop opzepassen, datt dës Etapp ganz soft gemaach gëtt. Zum Beispill am Projet vu virdrun hu mer jo d'Méiglechkeet vun engem Campus, wou d'Kanner dee ganzen Dag an och déi ganz Karriär op engem Campus verbréngen. Dat ass eng soft Méiglechkeet, mee awer och d'Raimlechkeete sollen net iwwerdimensional sinn, mee éischer a kleng Kompartimenter ënnerdeelt ginn, déi eeben de Besoin vun de Jugendleche Rechnung droen.

Als LSAP si mer der fester Iwwerzeegung, datt nieft motivéierten, qualifizierten Enseignanten eng modern, accessibel a gutt ekipéiert ëffentlech Schoul e Schlëselelement ass vun enger Bildungsgerechtkeet, déi fir eis absolutt Prioritéit huet, an duerfir ginn ech och hei den Accord vun der LSAP-Fraktioun a soe Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Closener. Da geet d'Wuert un den Här Jeff Engelen. Här Engelen.

M. Jeff Engelen (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll der Rapportrice fir unzefänken en härezeche Merci soe fir dëse Rapport. Ech mengen, de Bouneweger Lycée beweist, datt en Erfolleg huet, an duerfir ass et och dréngend gebueden, datt mer virufueren. Ech mengen, dat begrësse mer, an duerfir wäerte mer och deem zoustëmmen.

Erlaabt mer vlächcht och, drop hinzeweisen, datt hei e Lycée ass, wou och d'Handwierk verstärkt seng Chance kritt. Dir wësst allegueren, ech kommen aus dem Handwierk. Leider Gottes hu mer hei aus dem Handwierk nëmmen zwee Deputéierter, wat och net grad d'Spigelbild ass vun der Bevëlkerung, niewebäi bemierkt. Mee, ech mengen, et ass gutt, wann d'Handwierk dobaussen op verschiddene Plazen offréiert gëtt, well mir wëssen allegueren, wéi wichtege eist Handwierk eis ass. Mir begëinen et all Dag am Liewen, am Dag 10-, 20-mol an d'ganz Joer iwwer an ech mengen, wa mer d'Handwierk net hunn, dann hu mer e grouse Problem. An deem Sënn begrësse mer dës Schoul a mir ginn eis d'Zoustëmmung.

Merçi.

M. Fred Keup (ADR) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Engelen. Da geet d'Wuert un den Här François Bausch. Här Bausch.

M. François Bausch (déi gréng) | Merci, Här President, fir d'Wuert. Och merci hei der Madamm Rapportrice fir dee gudden schréfftlechen a mëndlechen Rapport. An datt dat heiten eng Noutwendegkeet ass, ech mengen, dorunner zweifelt heibanne jo hoffentlech keen, an et ass jo och keen, deen drun zweifelt, well déi Zuelen, déi geschildert gi si vun der Madamm Rapportrice, déi schwätzen eng daitlech Sprooch. An dat huet mech och iwwerzeegt deemools, fir ze versichen, mat deem Projet hei séier weiderzekommen.

An da wëll ech awer och do eppes iwwert dat soen, wat geschitt ass am Kontext vun deem PPP. Net well ech do lo onbedéngt en Historique wëll maachen,

mee well ech virun allem wëll domadder dorop hiweisen, datt dat, wat och zum Beispill dës Regierung sech an de Regierungsprogramm geschriwwen huet, fir ze mengen, iwwer PPP géif et méi bëlleg ginn a méi séier goen, einfach net stëmmt.

Ech si selwer ni en iwwerzeegte Verfechter gewiescht vum PPP. Ech hunn dat deemools iwwerholl, well deemools de Projet an déi Richtung gelaf ass a well ech net wollt Zäit verléieren, well ech geduecht hunn: „Ok, ech fänken net erëm un, d'Rad vu vir un ze dréinen, also bei Null unzefänken“, well et war eng Urgence do. An d'Resultat huet awer wierklech alles bestätegt vun deem, wat ech u Virurteeler vlächcht hat virdru par rapport zu PPPen, well ech kann Iech soen, dat hei ass vlächcht en deiere Projet, mee wa mer weidergefuert wäert mat deem, wat deemools um Dësch louch, dat wier nach e Krack méi deier ginn. Dat soen ech Iech, fir net méi ze soen. An et wär och net méi schnell gaangen, ganz sécher. Mee nu war et eeben emol esou. Mir hunn dann dräi, véier Joer Zäit verluer.

Wësst Der, fir mech war et ëmmer esou: Wie gräift op PPPen zrëck? Maja, dat si gréisstendeels am Ausland Regiounen, Gemengen, Stied oder Länner souguer, wou d'Finanzlag net terribel gutt ass a wou effektiv d'Staatsverschuldung oder d'Gemengeverschuldung oder d'Regiounsverschuldung schonn esou héich ass, datt een allméiglech Artificië muss siche goen, fir ze kucken, awer nach Saache kënnen ze bauen, an dat sech dann eeben net onbedéngt am Budget deementsprechend nidderschléit, dee jo alljoers iergendwéi muss opgoen.

Mee awer e Land wéi Lëtzebuerg, dat am Fong déi Projekte selwer ka finanzéieren, do mécht dat, wéi gesot, ganz sécher kee Sënn an et geet an der Reegel och net méi séier. An dat hu mer do gesinn, wéi mer de Projet dann nei demarréiert hu mat där ganzer Komplexitéit, déi jo bei deem Projet hannendru stécht, datt dann awer relativ séier e flotte Projet konnt ficeléiert ginn, deen haut dann hoffentlech och mat 60 Stëmme gestëmmt gëtt.

Ech wollt dat just nach eng Kéier och jiddwerengem heibanne soen – et si jo och vill Gemengeverrieder do – als Warnung: Gleeft net drun, datt d'PPPe méi bëlleg ginn oder méi séier ginn.

Merçi.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Bausch. Dann ass et um Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci. Ech war lo kuerz um Iwwerleeën, wat ech nom Här Bausch sollt soen, well ech dem Här Bausch esou vill zoustëmmen muss, dass et privat net méi bëlleg wäert ginn. An ech hoffen och, dass dës Regierung dat an den nächste fënnef Joer wäert respektéieren.

Jo, 300 Milliounen ass net näscht, mee et ass néideg. Et si vill Kolleegen, déi an deene leschte Joren duerch de Bouneweger Lycée gaange sinn, déi mer gezielt hunn, dass dat net onbedéngt déi Zoustänn sinn, wéi ee se zu Lëtzebuerg géif erwaarden. An dat ass elo nach ganz diplomatesch ausgedréckt. Dat heescht, et gouf a sech vill ze vill Zäit domat verluer, op e Päerd ze setzen, bei deem sech herno erausgestallt huet, dass et awer net dat richteg war.

Mee elo kréien déi Schüler endlech hiren neie Lycée. Well wa mer wëllen, dass d'Education qualitativ gutt ass, gehéiert och derzou, dass mer déi passend Gebaier hunn.

Jo, dat sinn eng Kéier 300 Milliounen, dat ass et awer op där enger Säit wäert. Op där anerer Säit muss ee soen, et ass och eng indirekt Hëllef fir eise Constructiounssecteur. Mir hate lescht Woch hei

d'Diskussioun, dass eise Constructiounssecteur an enger Kris wier. An et si genau déi Projeten, déi ee muss héichhalen an der Investitioun, fir dass de Staat en zuverlässige Client ass, deen hoffentlech och schnell bezilt.

Dat ass nämlech déi aner Diskussioun, déi am Moment d'Firmen hunn, dass vläicht net ëmmer esou schnell bezuelt gëtt, wéi d'Firmen et eigentlech bräichten, wann de Staat oder d'Gemengen eppes an Optrag ginn. Mee dat ass éischter eppes fir de Finanzminister wéi fir d'Madamm Backes, obwuel si dee Ressort ganz gutt kennt, soudass mir wäerten haut eisen Accord gi fir dës Verbesserung, well de Bouneweger Lycée wäert et ganz dréngend brauchen.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Goergen. Dann huet den Här Wagner nach d'Wuert gefrot. Här Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. Ech hat mech net gemellt, mee ech wollt awer trotzdem elo nach kuerz eppes soen, well jo, ech ka mech och nach e bëssen drun erënneren: An enger anerer Legislaturperiod hate mer tatsächlech Diskussiounen iwwert de PPP. Ech freeë mech jo och doriwwer, datt mer net dee Wee fueren. An ech kann natierlech och nëmmen de Constat vum Här Bausch deelen.

A prinzipiell profitéieren ech awer vun der Occasioun, fir ze soen: Natierlech, den Här Bausch huet Recht, wann e seet: „Et geet net onbedéngt méi séier an et gëtt net onbedéngt méi bëleg.“ Et ass jo awer och esou: En huet och gesot, et wäere Regiounen oder heiansdo souguer Länner, déi e PPP mussen huelen, well eeben d'Keesen net méi gutt gefëllt sinn. An do gëtt et jo aner Méiglechkeeten. An dat ass erëm eng Kéier ..., et dierf een net vergiessen, wouhin eng Austeritéitspolitik ka féieren, andeems een d'Steieren erofsetzt op verschiddenen Niveauen, e Staat manner Recetten huet, e Staat manner Moyenen huet, fir duerno Servicer unzebidden, an duerno awer trotzdem muss investéieren, awer enger privater Firma zum Beispill och d'Bedreiwung vun engem effentleche Service iwwerléisst. Dat heescht, mat effentleche Gelder, déi vläicht net méi esou iwwregbleiwen, kënnen och nach Privatsociététe Profitt maachen. An dat kennt och nach de Staat ëmmer méi deier um Enn.

Dat heescht, de PPP ass keng gutt Léisung, ausser vläicht heiansdo fir Buergermeeschteren oder vläicht och Regierungen, déi sech e bëssen aus der Verantwortung wëllen huelen. Mee allgemeng sollte mer dee Wee net goen. Ech soen Iech Merci. Mee mir wäerten dat selbstverständlech matstëmmen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner.

Dann geet elo d'Wuert un d'Regierung. Madamm Minister.

(Interruption)

Prise de position du Gouvernement

Mme Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | E ganz grouse Merci. Ech mengen, mir wëssen, dat heiten ass en enorm positiven a ganz wichtigen Invest. Wéi d'Rapportrice gesot huet: Et ass e formidable Projet. Ech mengen, hei ass och an der Chamber gesot ginn: Et ass wierklech en Drénglechkeetsprojet. D'Drénglechkeet ass do!

Et ass scho gesot ginn: De Site ass ganz accessibel an och als Mobilitéitsministesch sinn ech natierlech frou, dass mer hei den Tram och kënnen optimal un dës Schoul respektiv d'Schoul un den Tram ubannen.

En ass nohalteg, dëse Projet. Mir schwätzen hei vu just nëmme Fotovoltaik vu méi wéi 2.600 Fotovoltaikspannoen. Ech mengen, dat ass eng formidable Saach.

Wat d'Sportsinfrastrukturen ugeet, den honorabelen Deputéierten Här Lies huet dat opgegraff: Ech mengen, déi Sportsinfrastrukturen, déi goufen elo effektiv esou geplangt vu mengem Virgänger, dass och aner Veräiner respektiv extern Persounen déi kënnen benotzen. Ech mengen, d'Modalitéite mussen duerno ausgeschafft gi mat der Schoul selwer respektiv mam Ministère.

Bon, PPP. Ech mengen, et huet elo kee Wäert, dass ech dorop aginn. Et ass fir deen heite Projet ganz kloer, dass et ouni PPP méi bëleg an d'Qualitéit, esou wéi sech dann erausstellt, och besser ass. Ech mengen, dat ass dee Wee, dee mer elo hei gaange sinn. An dat ass eng gutt Saach.

Ech kann Iech da just nach eng Kéier e grouse Merci soe fir déi exzellente Kollaboratioun. An der Chamberskommissioun hu mer wierklech am Detail extensiv dodriwwer geschwat. Och de Bâtiments publics, dem Direkter a sengen Ekippen, e ganz grouse Merci fir déi exzellente Aarbecht an Iech fir déi ganz breet Zoustëmmung. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Domat ass d'Diskussioun dann ofgeschloss.

Da kéime mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8332. Den Text steet am Document parlementaire 8332.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8332 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreicht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

Dëse Gesetzestext huet 60 Jo-Stëmme kritt bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun. Domat ass dëse Projet de loi mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) et Laurent Zeimet;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella (par M. Gusty Graas), Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par Mme Taina Bofferding), Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Jeff Engelen) et M. Tom Weidig;

MM. François Bausch, Meris Sehovic (par M. François Bausch), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

6. Motion de Mme Joëlle Welfring relative à l'accélération des efforts dans la lutte contre la crise climatique

(Motion déposée en séance publique n° 6 du 14 décembre 2023 – à consulter au compte rendu n° 3/2023-2028 en page 29)

Da komme mer elo zu enger Rei Motiounen, déi virun enger Zäit erabruucht gi waren an déi och an der Kommissioun schonn deelweis diskutéiert gi sinn. Déi éischt Motioun ass déi vun der Madamm Joëlle Welfring iwwert d'Acceleratioun vun den Effort- en am Kampf géint d'Klimakris. Ech erënneren nach eng Kéier drun: Den Auteur huet fënnf Minutten, alleguer d'Fraktiounssprecher hu fënnf Minutten, d'Sensibilitétssprecher zwou Minutten an d'Regierung huet zéng Minutten, wa se dat da wëllt. A Madamm Welfring, Dir hutt elo d'Wuert.

Exposé

Mme Joëlle Welfring (déi gréng), auteure | Merci, Här President. Guddé Mëtteg alleguerten. Déi viregt Regierung huet mat ganz vill Asaz net nëmme just e wichtege Kader gesat, fir eis virun der Klimakris ze schützen, mee huet och konkret Moossnamen emgesat mat genausou vill Asaz: Projeten emgesat, erneierbar Energien ausgebaut, en Aidëregimm ausgebaut, deen och ganz vill Zousproch kritt huet. Och de Kader gouf aktualiséiert mat engem aktualiséierten Energie- a Klimaplang, dee jo mëttlerweil och luewend erwäant gouf vun der Kommissioun. An et geet elo drëms, hei weiderhin déi néideg Vitess bäizebehale bei der Ëmsetzung.

A jo, net nëmme beim Energie- a Klimaplang, och den Aidëregimm, dee soll héich bleiwen. An natierlech dierf de Klimaschutz och kee Privileeg bleiwe vun deenen, déi sech et leeschte kënnen, mee mir mussen deen och nach weider méi sozial orientéieren. Mir brauchen eng Upassungsstrategie a mir brauchen och e Klima-Sozialplang a mir brauchen och, an dat ass och wichteg, den néidege Budget fir d'Upassung an d'Begläichung vun de Schied a Verloschter och am Ausland, um internationale Level.

Am Gros war dat den Hannergedanke vun dëser Motioun. An ech sinn och frou, dass mer eis mat e puer klengen Ännerunge konnten op en Text eenegen an eiser Kommissioun. An ech wollt och dem President vun eiser Kommissioun eng Kéier Merci soe fir déi konstruktiv Diskussiounen hei an och fir déi Approche.

Voilà. An et geet elo fir déi nei Regierung drëm, wierklech hei och Fouss bei Mol ze halen. An dofir sinn ech nach ëmmer der Meinung, dass déi heite Motioun wichtig ass, an ech freeë mech och drop, dass déi hoffentlech och breet gestëmmt gëtt. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Welfring.

Den Här Hansen huet d'Wuert gefrot.

Discussion générale

M. Christophe Hansen (CSV) | Jo, villmools merci, Här President. D'CSV kann déi heite Motioun matstëmmen. Mir hu ganz kleng Ännerunge gemaach, wou mer notament iwwert d'Prioritéit vum PNEC geschwat hunn. Bei der Ëmsetzung hu mer gesot: „dans les meilleurs délais“, well do stoung am Ufank en Datum dran – Januar 2024 –, dat wier net machbar gewiescht. An déi zweet Ännerung war einfach, fir och dee Budget méi sozial ze orientéieren. Dat heescht, mir kënnen dat do matstëmmen. A pour rappel: Dat war och à l'unanimité an der Kommissioun esou ugeholl ginn. Merci.